LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch, dem Här Staatsminister, der Madamm Justizministesch, dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet ab dem Här Aussen- an Europaminister op d parlamentarisch Fro n° 6681 vum 19. August 2022 vun der honorabeler Deputéierten Madamm Martine Hansen**

*Sinn der Regierung zënter der Question parlementaire 5796 vum 22.02.2022 Fäll vum Havanna-Syndrom bei Lëtzebuerger Diplomaten am Ausland wéi och Residante bekannt?*
*Wa jo, wéi vill a wéi konnt de betraffene Persoune gehollef ginn?*

D'Regierung huet keng Kenntnis vun engem erwisene Fall, mee ee Bierger huet d'Regierung informéiert, eng Plainte an deem Kader déposéiert ze hunn.

*Hunn d'Lëtzebuerger Autoritéiten sech am selwechtem Zäitraum scho mat Fäll vum Havanna-Syndrom befaasst?*

Ausser dem Fall am direkten Zesummenhang mat der Plainte huet sech keng Lëtzebuerger Autoritéit mat konkrete Fäll befaasst.

*Sinn der Regierung Fäll vun illegalem Asetzen vun elektro-magnéitescherStrahlung bekannt a wéi schätz d'Regierung deen domadder verbonnene Risk an?*

Der Regierung si keng Fäll vun illegalem Asetzen vun elektro-magnéitescher Strahlung bekannt.

Lëtzebuerg, den 16/09/22

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert